CORPS GRAND-DUCAL
INCENDIE & SECOURS

Direction de la coordination opérationnelle

Luxembourg, le 14 décembre 2020

À l'attention de tous les pompiers opérationnels du CGDIS

Rekrutement vun 12 neien operationelle Pompjeeën (fräiwëlleg oder berufflech) fir de GRIMP

De Groupe de Reconnaissance et d'Interventionen en Milieu Périlleux (GRIMP) ass ee vun den 10 Groupes d'Intervention Spécialisé vum CGDIS. De GRIMP ass zoustänneg fir d'Rettung vu Persounen an Déieren aus Héichten an Déiften a vu Plazen, wou de Pompjee mat sengem normale Sécherungsmaterial net méi hikënnt. Dës Missioune sinn oft ganz usprochsvoll a verlaangen dofir vill Erfarung an Training, mä natierlech och eng gutt Fitness a keng Angscht viru groussen Héichten. Wëll d'Pompjeeë vum GRIMP och oft musse Patiente stabiliséieren, versuergen a retten a Beräicher wou een Dokter oder Ambulancier net hi kënnt a si dofir op sech eleng gestallt sinn, ass eng fachlech Kompetenz am SAP-Beräich onbedéngt néideg. Och eng Ausbildung am Incendie/Sauvetage ass eng Viraussetzung fir Member am Grupp kënnen ze ginn, well de GRIMP och oft bei techneschen Asätz oder Bränn als Ënnerstëtzung zum Asaz kënnt, an dofir och déi Matière muss kennen a verstoen.

Fir sech kënnen als Kandidat beim GRIMP ze mellen, muss ee folgend Konditiounen erfëllen :

1. Operationelle Pompjee am CGDIS sinn (fräiwëlleg an/oder berufflëch);
2. Eng gëlteg medezinesch Aptitude vun der Kategorie A mat ARI/CSA hunn;
3. Mindestens 22 Joer al sinn;
4. Den Emploi operationel als Chef de Binôme INCSA an Chef de Binôme SAP hunn;
5. Eng gutt Fitness a keng Angscht virun Héichten hunn;
6. Zäitlech Disponibilitéit, fir reegelméisseg un Maintiens des Acquis a Formations continues (och ënnert der Woch) kënnen deelzehuelen;
7. Weider Viraussetzungen déi vu Virdeel sinn:
    a. Ee gëltege Führerschäin vun der Kategorie C hunn;
    b. D'Formatiounen ABSTURZSICHERUNG an DLK/TMF matgemaach hunn.

Corps grand-ducal d'incendie et de secours
1, rue Robert Stümper L-2557 Luxembourg · Tél. +352 49771 2300 · dco@cgdis.lu · www.cgdis.lu
Établissement public · R.C.S. LUXEMBOURG J64 · Matricule national : 2018 52 000 36

Fir sech méi am Detail kënnen iwwer d'Aarbecht vum GRIMP ze informéieren, sinn zwou Informatiounsversammlunge geplangt:

- Dënschdes den **2. Mäerz 2021** um 20h00
- Donneschdes den **11. Mäerz 2021** um 20h00

Invitéiert ass jiddereen, deen déi uewen opgelëschte Konditiounen erfëllt an un der Aarbecht um GRIMP interesséiert ass! Wéinst der COVID-Situatioun ass eng Umeldung op dco@cgdis.lu bis den 19. Februar 2021 onbedéngt néideg, fir datt dës Versammlungen no de gëltegen Hygiène-Reegele kënnen organiséiert ginn! Déi genau Plaz gëtt dofir och réischt unhand vun den Umeldunge festgeluecht.

An dësen Informatiounsversammlung ginn och wichteg Detailer zu enger Affektatioun am GRIMP erkläert (Wéi lafen d'Asätz of? Wéini ass de Maintien des Acquis a wéi ass dësen organiséiert? Wéi geet dat mat de Schaffstonnen, wann ech als Beruffspompjee am GRIMP sinn? etc.) an et bléift natierlech och Zäit fir all Är Froen. **D'Participatioun un enger vun den Informatiounsversammlungen ass obligatoresch fir un der nächster Etappe kennen deel ze huelen**.

De Choix vun de néie Membere gëtt am Kader vun enger Selektiounsprozedure gemaach, bei där de Kandidat verschidde praktesch Exercicer mat Bezuch zum GRIMP muss duerchféieren an och un engem Entretien individuell muss deelhuelen.

Dës Selektioun fënnt den

- Dënschdeg **23. Mäerz 2021** ab 08h30
- oder den Méindeg **19. Abrëll 2021** ab 08h30

statt an **et muss een op engem vun deenen zwee Datumer disponibel sinn**.

Fir un der Selektioun kënnen deelzehuelen, muss een all déi uewe genannte Konditiounen erfëllen. Eng Umeldung ass néideg bis de 15. Mäerz 2021 iwwert Mail un dco@cgdis.lu duerch Ausfëlle vum Formulaire hei ënnendrënner.

D'Grondausbildung "GRIMP I" dauert 80 Stonnen a fënnt statt vum 28.06.2021 bis zum 02.07.2021 a vum 05.07.2021 bis zum 09.07.2021. Un dëser Formatioun muss ee kënne komplett deelhuelen.

- Bei praktesche Froen zum GRIMP kënnt Dir Iech gäre beim Chef de Groupe Mirco Bonetti oder sengem Adjoint André Chelius mellen iwwert grimp-cadre@cgdis.lu.
- Bei techneschen oder administrative Froen zu enger Affektatioun am GRIMP kënnt Dir Iech gäre beim Gilles Hubert vun der DCO mellen iwwert gilles.hubert@cgdis.lu. Och wann een Zenterchef eng Fro huet, well ee vun senge fräiwëllegen oder beruffleche Memberen sech wëllt am GRIMP engagéieren, kann en sech gären un dës Adress wenden.

Colonel Tom Barnig
Directeur de la Coordination Opérationnelle

Capitaine Mirco Bonetti
Chef de Groupe GIS GRIMP

Demande de participation aux épreuves de sélection dans le cadre du recrutement de 12 nouveaux pompiers opérationnels pour les besoins du GRIMP

Envoyer le formulaire rempli à **dco@cgdis.lu** avant le 15.03.2021

Matricule CGDIS	
Nom et Prénom	
CIS d'affectation primaire	
Affectation dans le GRIMP prévu comme	◉ Pompier professionnel ○ Pompier volontaire
Choix de la date pour l'épreuve de sélection (plusieurs sélections possibles)	☐ 23.03.2021 ☐ 19.04.2021

Par la présente, je soussigné(e) confirme remplir toutes les conditions exigées et ma disposition et volonté à participer aux épreuves de sélection dans le cadre du recrutement de 12 nouveaux pompiers opérationnels pour les besoins du GRIMP. En cas de confirmation de ma sélection, je donne mon d'accord pour une affectation supplémentaire au sein du GIS GRIMP et confirme ma disponibilité pour la participation à la formation de base « GRIMP I » aux dates mentionnées ci-dessus ainsi que pour assurer une activité régulière pour les maintiens des acquis, les formations continues et les missions opérationnelles du GRIMP.

Lieu et date:	Lieu et date:
Signature du candidat:	Signature du supérieur hiérarchique / chef de centre actuel pour prise de connaissance de la candidature: